# Weltmeeschterschaft vun den Masters 2026 zu Fortaleny Spanien

20.08.2026

WM Masters Fortaleny Spunien.
Fänken mer direkt mam Resultat un. Mir sinn nom éischten Duerchgang déi 8 vun 13 Equippen. Gasty 3, Fern 6, Marc 8 an John 13 Punkten. Ass ok, mee do ass awer nach Loft no uewen.

Elo awer dat net esou er freedegt vun haut. Gëschter ëm déi selwecht Zäit stoung ech ob der selwechter Platz ewéi elo, a mir haten ee Moment 50 Grad wou den Auto ugewisen huet. An elo sinn et der ganzer 21 Grad. An naass si mer all bis ob Haut. Wéi koum dat. Eng 1/2 Stonn virun Schluss vun dëser éischter Manche ass ee fuerchtbaart Donnerwieder lass gaangen. An dat hält momentan, mir hunn 17:00 Auer nach ëmmer un.

Mir souzen wéi gesot all beim Waasser, a mam Reen koumen ob eemol och Wandspëtzen vun knapps iwwer 140 km/h. An do hues de dann och schonns Prabbelien gesinn fortfléien, an och eenzel Poschen. D'Manche ass och eng 20 Minutten viru Schluss ofgebrach ginn. Hannert eisem Secteur sinn dann och deck Äscht vun de Beem gebrach an ob Autoen gefall. Vir wat den Organisateur net schonns éischter ofgebrach huet ass eis e Rätsel, an dat gëllt et den Owend an der Sitzung ze klären. Zu allem Iwwel ass dann och eisem John 2 Poschen an Waasser geflunn, Këscht mat sämtlechen Kreep, 4 Kitten gebrach an och 2 Stecker vun senger Staang. Esou eppes brauch keen Mensch an mir wäerten als Equipe him den Owend vill Zousproch zoukommen loossen, fir dass et weider geet. Mäin eegenen Prabbelie läit och schonns an der Poubelle. Mee deen ass ze ersetzen. Gott sei Dank ass keen Mensch zu Schued komm. Engem Englänner am Secteur A ass anscheinend dat komplett Geschier abhanden komm.

Mir ginn den Owend iessen an dann kënne mer jo iwwer eng Konklusioun vun deem ganzen Dag schwätzen. Ech mengen dass mer awer un der Fëscherei elo net vill ännere ginn, well et jo awer deelweis funktionéiert huet. Ouni elo awer Excusen ze sichen, den Tirage spillt och ewéi ëmmer eng Roll.

Ech mellen mech muer dann nees fir Iech den 2ten Duerchgang mat ze deelen.

Bg Fernand Schmitt